4. 5571 - Projet de loi portant modification 1. de l'article 14 (2) de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police; 2. de l'article 10 du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5571 ass de 5. Mee 2006 an der Chamber vum Justizminister deponéiert ginn. De Statsrot ass a sengem Avis vum 20. Mäerz 2007 zur Schlussfolgerung komm, dass ee vun deenen zwee Artikele vum Gesetz géint e puer Texter vun der Verfassung géif verstoussen. Duerfir huet de Statsrot och e ganz neien Text proposéiert.

D'Commission juridique ass mat den Iwwerleeunge vum Statsrot d'accord gewiescht. Si huet sech also bei senger Analys vum Text op d'Propositioun vum Statsrot baséiert. Allerdéngs war d'Commission juridique der Meenung, dass den Text nach misst iwwerschafft a komplettéiert ginn. Duerfir huet se verschidden Amendementer virgeschloen, déi dozou gefouert hunn, dass den Text komplett reforméiert ginn ass. Deen Text ass de 4. Mee 2007 an de Statsrot gaangen. A sengem Avis complémentaire vum 20. Juni 2007 war de Statsrot komplett mat deem neien Text vun der Commission juridique d'accord.

De Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, schaaft d'Méiglechkeet, fir deenen 20 Persounen, déi am Joer 2002 vun der Regierung an de Service de Police judiciaire agestallt si ginn, d'Attributioune vun Officier de Police judiciaire ze ginn. Déi 20 Persoune sinn an der Carrière supérieure an an der Carrière moyenne, awer och als Employé agestallt. Si schaffen an deene méi technesche Servicer vun der Police, wou se fir d'Enquêteuren eng materiell Hëllef duerstellen.

Dës Situatioun ass awer net ganz zefridde stellend, well déi Persoune kënnen net autonom, an duerfir och net effikass schaffen. D'Attributiounen an d'Kompetenze vun deene Persoune si gesetzlech net festgeluecht. Dat féiert och dozou, dass déi Aarbecht, déi se leeschten, an eventuell Entscheedungen, déi se mathëllefen erbäizeféieren, juristesch gesinn zu Contestatioune kënne féieren an eng juristesch Onsécherheet bei der Police judiciaire kënne schafen. Et ass duerfir net méi wéi richteg, wann déi gesetzlech Basis geschaf gëtt, fir dass déi Persounen d'Qualifikatioun an d'Attributioune vun Officier de Police judiciaire kënne kréien.

Et ass allerdéngs keen Automatissem. Dat Gesetz hei gëtt net automatesch deenen 20 Persounen déi Qualifikatiounen an déi Attributiounen. D'Attributioun vun Officier de Police judiciaire, esou wéi d'Gesetz et virgesäit, bleift eng individuell, nominativ Décisioun vum Justizminister.

De Statsrot, deen an aneren Avisë ganz retizent ass, fir zousätzlech Postë vun Officier de Police judiciaire ze schafen, ass mam Zil vun deem heite Gesetz averstanen.

De Projet besteet aus zwee Artikelen. Den Artikel 1 ännert den Artikel 14 vum Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Police. An deem Artikel 14 gëtt de Punkt 2, Alinea 5 ofgeschaaft. Deen Artikel gesäit eng maximal Zuel vun Effektiver vir. Déi Dispositioun gëtt net méi gebraucht, well d'Effektiver an der Loi budgétaire fixéiert ginn. Duerfir kënnt elo an deen doten Alinea deen neien Text eran, deen also d'Méiglechkeet schaaft, fir dass déi 20 Persounen, vun deenen ech geschwat hunn, d'Attributioune vun Officier de Police judiciaire kënne kréien.

An deemselwechten Artikel gëtt den Alinea 6 ofgeännert. Deen huet elo virgesinn, dass den Organigramm vun der Police judiciaire géif fixéiert ginn duerch eng gemeinsam Entscheedung vum Minister vun der Force publique an dem Justizminister. Et ass just dee Punkt, deen och de Statsrot a sengem Avis contestéiert huet. Duerfir huet de Statsrot virgeschloen, dass an Zukunft den Organigramm duerch e Règlement grand-ducal, an net méi duerch eng individuell Décisioun vun deenen zwee Ministere soll festgeluecht ginn. Dat ass also d'Ännerung, déi am Alinea 6 virgeholl gëtt.

Den Artikel 2 ännert den Artikel 10 vum Code d'instruction criminelle. Dësen Artikel zielt déi Persounen op, déi d'Attributioune vun Officier de Police judiciaire hunn. Déi Ännerung ass noutwendeg ginn duerch d'Ofännerung vum Artikel 14 vum Police-Gesetz. Doduerch, dass do zousätzlech Persoune kënnen Officier de Police judiciaire ginn, muss och den Artikel 10 vum Code d'instruction criminelle ofgeännert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Commission juridique ass mam Rapport a mam Text eestëmmeg averstanen. Ech géif also och der Chamber proposéieren, deen Text an där Form ze stëmmen, wéi d'Commission juridique et proposéiert huet. Ech bréngen och heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Wëllt nach een eppes zum Fong vun dësem Projet soen? Här Bettel!

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, ech soen och kuerz Merci fir de Rapport. Ech wëll just soen, an dat hu mer net nëmme scho vum Conseil d'État gesot kritt, mä den Här Meyers ass och ee vun deenen, déi ëmmer répétéieren, dass d'Qualitéit vum OPJ net soll hei an deem Land eng Qualité générale ginn, déi esou vill Beamte kréien. Dat heescht, hei kréie mer nach eng Kéier eng Qualitéit vun den OPJ. Si si berechtegt an deem heite Fall. Mä et soll een awer évitéieren, dass een ëmmer méi OPJen an deem heite Land kritt.

M. le Président.- Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Här President, ech mengen, dass dat doten ëmmer en delikate Punkt ass, net esou séier no baussen, mä éischter no bannen an der Verwaltung, well notamment dat Personal, wat iwwert den traditionelle Wee vun der Polizei-Rekrutéierung gaangen ass, ëmmer insistéiert huet, dass u sech och déi Funktioune vum OPJ prioritär sollen eigentlech deenen dote Carrièrë virbehale bleiwen.

Ech gesinn awer an - an an der Vergaangenheet sinn och schonn Exceptioune gemaach ginn -, dass et sech hei ëm eng Noutwendegkeet handelt, wann ee wëllt eng effikass Aarbecht am Kader vum Service de Police judiciaire garantéieren, dass do méi e grousse Krees, also och Leit, déi eben zum Zivilpersonal gehéieren, déi dote Qualitéit musse kréien.

Nach mengen ech, an do géif ech éischter an déiselwecht Richtung goen, wéi mäi Virriedner dat gemaach huet, ass et eng Suerg, déi mer scho bei der Diskussioun vun anere Projeten haten, dass mer feststellen, dass a ganz ville sektorielle Beräicher technescht Personal vun eenzelne Statsverwaltungen, déi net Polizeiverwaltunge sinn, regelméisseg gewësse Pouvoire kritt. Pouvoiren, déi och gläichzesetze si mat engem Officier de Police judiciaire an deem spezifesche Beräich, wou se d'Kompetenzen natierlech hunn.

Mir hunn den Androck gehat, dass éischtens momentan offensichtlech kee méi richteg den 100%egen Iwwerbléck huet, duerch wivill Spezialtexter eigentlech esou Pouvoire festgeluecht ginn. Duerfir hate mer de Wonsch geäussert, dass d'Regierung eis eng Kéier géif eng detailléiert Lëscht gi vun all deem Personal, wat déi Qualitéit als OPJ huet.

Gläichzäiteg verbanne mer domat de Wonsch, dass déi Leit, déi déi dote Qualitéit hunn, och speziell forméiert ginn, well sech jo dorunner eng ganz Rëtsch vu Contrainten ophalen. Ech mengen, déi Leit, déi déi dote Qualitéit hunn, wa se an där Qualitéit do agéieren als Verwaltungsmember, ënnerleien anere Regelen, anere Prozeduren, wéi wa se einfach nëmmen als normaalt Verwaltungspersonal Handlungen duerchféieren.

Duerfir also de Wonsch vun eiser Fraktioun, nach eng Kéier réitéréiert, fir op deem dote Punkt ze probéieren, iwwert deen heite Beräich eraus dat Ganzt ze harmoniséieren an och deene concernéierte Leit eng speziell Formatioun unzebidden.

M. le Président.- Merci, Här Bodry.

Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5571 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, de Grupp vun deene Grénge freet mech, wéi et mat der Motioun ass, déi den Här Braz gëschter déposéiert huet, ob déi dës Woch op den Ordre du jour geholl gëtt. Wa jo, wéini. A wéini dass se soll diskutéiert ginn.

Här Braz?!

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Et ass déi Motioun iwwert d'Ausso vum Premier an der Pressekonferenz vum Regierungsbriefing. Vu dass sech offensichtlech nach net konnt mat der Motioun ausenanergesat ginn, géife mer proposéieren, dat muer de Mëtteg ze maachen. Dann hunn d'Fraktiounen och nach Zäit, eng Kéier ënner sech driwwer ze schwätzen.

M. le Président.- Wat soen déi aner Fraktiounen zu där Propositioun vum Här Braz?

Et ass keng Oppositioun zur Propositioun vun Iech, Här Braz. Dann denken ech, dass d'Chamber domadder d'accord ass. Mir diskutéieren déi Motioun also muer de Mëtteg.

Mir kommen elo zum nächste Projet de loi. Dat ass de Projet 5679 iwwert d'Magistraten. Den honorabelen Här Patrick Santer ass de Rapporteur, an hien huet och elo d'Wuert fir de Projet ze presentéieren.

6. 5679 - Projet de loi

1. relatif au stage des magistrats et futurs magistrats étrangers, et

2. portant modification de:

- la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

- la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer *(CSV), rapporteur.*- Bei dësem Projet de loi geet et drëms, de Kader ze schafen, an deem auslännesch Riichteren, ob se Titulaire oder Stagiaire sinn, op engem Lëtzebuerger Geriicht oder op engem Lëtzebuerger Parquet e Stage kënne maachen. Um Niveau vun der Europäescher Unioun ass nom Studentenaustausch-Programm Erasmus en Austauschprogramm och fir Riichteren op d'Bee gesat ginn. An deem soll et Riichteren aus engem Memberstat erlaabt ginn, fir e Stage um Geriicht oder Parquet oder an enger anerer Institutioun an engem anere Memberstat ze maachen. 400 Austosch si fir dëst Joer geplangt. Virun zwee Joer waren et der nëmmen 173.

Et muss een och ervirhiewen, datt Lëtzebuerg Member ass vum Réseau européen de Formation judiciaire, eng belsch A.s.b.l., déi d'Fuerderung vun engem europäesche Formatiounsprogramm fir d'Riichteren als Zil huet. Dës Formatioun wäert och duerch déi géigesäiteg Erfahrungen, déi esou konnte gesammelt ginn, an dat Vertrauen, dat esou konnt opgebaut ginn, wesentlech zum Espace de liberté, de sécurité et de justice an der Europäescher Unioun bäidroen.

Här President, de System, wéi en am Projet de loi virgesinn ass, ass deen heiten. D'Autoritéit, vun där den auslännesche Riichter ofhänkt, stellt eng Demande beim Lëtzebuerger Justizminister. Also, den auslännesche Riichter ka selwer direkt keng Demande stellen. Déi Demande muss iwwer seng Autoritéit lafen. Wann de Justizminister déi Demande unhëlt, wäert de Procureur général d'État fir d'Judiciaire-Geriichter an de President vun der Cour administrative bei de Verwaltungsgeriichter deen auslännesche Riichter op e Geriicht oder Parquet affektéieren.

Den auslännesche Riichter huet dann och e Serment ofzeleeën. Hien huet während sengem Stage keng Décisiounsgewalt. Hie ka beim Délibéré participéieren, also derbäi sinn. Hie ka Recherchë maachen. Hie kann Notë schreiwen. Mä hien huet keng Décisiounsgewalt bei den Uerteeler oder do, wou en affektéiert ass. De Stagiaire ënnerläit och dem Secret professionnel vum Artikel 458 vum Code pénal.

De Statsrot hat zu dësem Projet keng Observatioun ze maachen. D'Commission juridique war och unanime fir dëse Projet; d'CSV-Fraktioun och.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Santer. Ech gesinn, dass d'Fraktiounen alleguerten den Ausféierunge vum Här Santer zoustëmmen. Duerfir kënne mer direkt zum Vote vum Projet kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5679 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Adendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Romain Schneider), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par M. Henri Grethen), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.